Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Biber

Biber Ekipp

Réimech, de 7. Februar 2022

# BiberMud 2022

Léif Bibercheftainen a Bibercheffen,

Leider léisst de COVID-19 eis och dëst Joer nach ëmmer net a Rou. Mir loossen eis als Biber-Ekipp dovun awer net kleng kréien a ginn eis drun, fir och 2022 erëm ee BiberMud um Neihaische stattfannen ze loossen.




Mir hoffen, dass mir de BiberMud dëst Joer erëm ënnert dem gewinnte Konzept vun enger „Kiermes“ duerchféiere kënnen. Mir halen de Verlaf vun der Pandemie am Bléck a wiesselen, wann néideg, op ee COVID-Konzept änlech wéi d’lescht Joer.

**Datum?** 14. Mee 2022

**Plaz?** Neihaischen

**Wat?** Dëst Joer ass de BiberMud erëm eng Kiermes fir d’Biber. Well mer de Risiko awer net wëllen agoen, dass sech ze vill Leit op engem Site mëschen, ass de BiberMud dëst Joer nach net fir d’Biber, hier Frënn a Famill, mee d’Biber sollen zesummen an hirem Grupp kommen.
Et ass geplangt, dass een en hallwen Dag bei eis ka verbréngen. Dofir hu mir een Iesse mat ageplangt. Mir wäerten deen Dag ee Grillstand hunn, wou jiddereen deen ugemellt ass eng Wurscht an ee Stéck Kuch kritt. Esou ka jidderee gestäerkt um BiberMud deelhuelen.
Wann d’Restriktiounen et erlaben, da kënnt dir als Grupp decidéieren, wéini der wëllt kommen. Sollt d’Situatioun sech verschlechteren oder mer ze vill Umeldunge kréien, wäerte mir d’Gruppen am Virfeld andeelen.

**Präis?** De Rallye kascht:

- 15 € pro Kand (Iessen inklusiv)
- 8 € pro Chef (Iessen + Badge)

Iwwerweist w.e.g. den entspriechende Betrag mam Vermierk „BiberMud22 + Numm vum Grupp“ op de Konto vun der Biber-Ekipp: IBAN LU49 0023 1827 9760 7300 (BILLLULL). D’Umeldung ass réischt mat der Iwwerweisung vun der Participatioun definitiv.

**Umeldung?** Umelde kënnt der iech bis den 20. Mäerz 2022 andeems der de Formulaire ënnert folgendem Link ausfëllt: https://chefbox.lgs.lu/desk/bibermud-2022/

Bei Froen, oder fir weider Informatiounen, zéckt net eis eng E-Mail u biber@lgs.lu ze schécken.

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,
Är Biberekipp

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Biber
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
biber@lgs.lu | www.lgs.lu



E grousse Merci un eis Sponsoren